Bulletin de la Fondation Luxembourg - El Salvador
September 2017 - XLIX/3

El Salvador - Luxembourg

« Haisercher géint Reen a Stuerm »

Léif Leit,

Summer- a Vakanzenzäit si bei eis eriwwer. Den Hierscht ass agekéiert mat enger Parti Reen, a mir préparéieren eis op den nächste Wanter. Ganz aanescht ass et an El Salvador. Do an deem tropesche Klima ass elo Reenzäit ugesot: déi dauert vu Mee bis Oktober, mam Héichpunkt am September: hei fale bis zu 400 Liter Reen op de Quadratmeter. Dat ass d'Halschend vun deem, wat bei eis an engem Joer fällt. Och de Mee, Juni a Juli si ganz naass an El Salvador. Do reent et am Schnëtt ëm déi 330 Liter de Mount. An dëse Méint reent et während 18 Deeg pro Mount, wougéint d'Méint Dezember bis März dréche sinn, mat an der Moyenne engem Daag Reen de Mount. Momentan ass d'Hurrikan-Saison voll amgaang. Mat Tropestierm, Iwwerschwemmungen, Bullislawinen an aneren Naturkatastrofe bis uganks November, muss ëmmer mat deem Schlëmmsten an där Regioun gerechent ginn. Mir gesinn zur Zäit all Dag op der Telé, wat déi Naturgewalten uriichte kënnen.

Dës Klimadate verdäitlechen d'Noutwendegkeet vun zolidd gebauten Haiser, déi Schutz viru Reen a Wand bidden. Sou hu mir eisen éischte Wunnéngsbauprojet mat 150 Haisercher 2012 ofgeschloss. En zweete Projet, zesumme mat der Fondatioun "Komm hëllef mat Préizerdaul", fir nach eng Kéier iwwer 100 Haisercher, gëtt dëst Joer fäerdeggestallt. Mir bleiwen awer net heibei stoen, a mir wäerten och an Zukunft kucken, weider Haiser fir mannerbemëttelt Leit an El Salvador ze bauen. Dat schéngt eis e ganz wichtege sozialen Apport ze sinn an eiser Entwécklungshëllefsaarbecht.

Weider intressant Informatioune fannt dir op eisem Internet-Site **www.elsalvador.lu**, oder iwwer eis Facebook-Säit "hellefelsalvador". Hei versiche mir regelméisseg aktuell Artikelen aus El Savador, Neiegkeeten a Fotoe vun eise Projeten, awer och Fotoe vun eise Verkafsstänn, vu Scheckiwerreechungen asw. ze présentéieren. Kuckt Iech dat emol un, mir freeën eis op all Réckmeldung a Suggestioun vun Ärer Säit.

Op den nächste Säite kënnt Dir noliesen, wat aus eisem Projet vun de Mini-Entreprisen ginn ass. Vill Spaass dobäi! Eis all nach eng schéin Hierschtzäit mat enger gudder Drauwelies.

Roland Milbert
President vun der Fondatioun

Mir zielen op Iech

Eis Fondatioun mécht dëst Joer erëm mat beim Concours „ING Solidarity Awards".
Je 1000 € gewannen déi 30 ONGen, déi am meeschte Vote kréien.

Matmaachen ass einfach:
iwwert de Site www.ing.lu kënnt Dir e Vote fir eis ONG ofgi vum 25. 10. bis de 15.11. 2017.

Mir soe merci fir Är solidaresch Mathëllef.

« Mir hëllefen de Leit, sech selwer ze hëllefen »

Bilan vum Projet „Mini-Entreprisen um Land“

Ouni vill Tamtam ass eise Projet «Mini-Entreprisen» bannent 3 Joer realiséiert an am Summer 2016 virleefeg ofgeschloss ginn.

Et handelt sech ëm eng Initiativ, fir de Famillen, déi an 9 Gemenge vum Departement Usulután a grousser Aarmutt (iwwer-)liewen, de Start an eng besser Zoukonft méiglech ze maachen. Mir hëllefen hinnen, hir Talenter ze entdecken, hiert Wëssen a Kënnen ze entwéckelen, alternativ Aktivitéiten ze woen, fir kënnen op d’laang Weil hire Liewensënnerhalt selbstständeg ze sécheren, an zwar mam Gewënn vu klenge Familjebetriber („ Entreprisen“).

Partner vun der Fondatioun Lëtzebuerg – El Salvador war d’Organisatioun Fundamuni (Fundación de Apoyo a Municipios de El Salvador), déi op der Plaz de Projet geplangt an duerchgeféiert huet. Am Juni 2016 huet si den Ofschlossrapport vum Projet presentéiert.

Am Joer 2013 gouf déi geplangte Sensibiliséierung bei den Awunner an d’Formatioun vun den intresséierte Persounen duerchgeféiert. 477 potenziell „Entrepreneuren“ hunn déi allgemeng Ausbildung matgemaach. Je no den Interesse vun de Kandidate goufen duerno spezialiséiert Coursen ofgehal, z.B. iwwer den Akerbau, d’Véizuucht, d’Konschthandwierk, d’Textilveraarbechtung, d’Kachen asw.

Den 10. Juli 2014 ass eng Conventioun ënnerschriwwe ginn tëschent der Fondatioun Lëtzebuerg – El Salvador (vertrueden duerch eise Comitésmember Mil Calmes) a FUNDAMUNI, mat als Zeien de 6 Buergermeeschtere vun de betraffene Gemengen, a Presenz vu Vertrieder vun de lokale Biergercomitéen. Domatt gouf de „Fonds de roulement“ geschaf fir de Famillen je no hirem Besoin ënnert d’Äerm ze gräifen.
Mat der technescher Hëllef vu Fachleit an der finanzieller Ënnerstëtzung aus deem Fong sinn an de Joren 2014 an 2015 47 Mini-Entreprisë gegrënnt ginn (25 waren der am Projet virgesinn). Dovun hunn der 7 leider misse fréizäiteg opginn, haaptsächlech wéinst kriminellen Ugréffer, oder well Persounen an d’Haaptstad oder an d’USA ausgewandert sinn.

Déi 40 nei Mini-Entreprisë verdeelen sech op dës Aktivitéiten:

- Schwéngsziichterei: 4 Betriber
- Pouletsziichterei: 12
- Héngerziichterei a Verkaf vun Eer: 6
- Zuucht vu Randbéischten: 1
- Geméisubau: Tomaten, Bounen, Kornischongen: 2
- Produktioun vu „Cajou“-Nëss, Praffe vun ale Beem: 1
- Handwierk: Ustrach, Metallveraarbechtung, Bijouterie, Holzbrennerei, Dekoratioun mat Kären …: 2
- Schneiderei:
  T-shirten, Schouluniformen, Brautkleed …: 2
- „Coco Art“: Bijouen aus den Offäll vu Kokosnëss: Ouerréng, Ketten, Brasselien, Port-cléen; Stand op der Foire vum Tourismusministère: 1
- Textilveraarbechtung: Fierwe mat Naturfaarwen, Schalen, Poschen, Portmonnien; Stand op der Foire vum Tourismusministère: 2
- Verkaf vu Liewesmëttel, Bäckerei: 3
- Verkaf vun alldeegleche Saachen, klenge Maart: 2
- Tourismus: Kachcours, Technike fir Kaffi ze schmaachen, Reklamm fir touristesch Evenementer: 2



An deene 40 Betriber hunn 230 Fraen an 83 Männer geschafft; mat hire Famillen hunn am ganzen 1515 Persounen direkt profitéiert.

Alles an allem sinn d’Objektiver vum Projet erreecht, deelweis souguer iwwertraff ginn:

- Mir hunn derzou bäigedroen, d’Liewesbedingunge vun den aarme Famillen, déi beim Projet matgemaach

hunn, ze verbesseren: zousätzlech Ausbildung, laangfristeg méi Akommes, méi verschiddenaarteg Aktivitéiten, bessert Gemeinschafts- an Ëmweltbewosstsinn.

- Den Intressen un der sozio-ekonomescher Entwécklung um lokalen a regionale Plang ass gewues an hëlleft, perséinlech a politesch Haltungen ze änneren. D'Bereetschaft firm mat aneren zesummen ze schaffen ass gewues.
- Duerch d'Zesummenaarbecht mat aneren Organisatiounen an Instanzen konnte méi Famille wéi virgesinn vum Projet profitéieren.
- Dee finanzielle Fong gëtt de Famillen eng gewëss Sécherheet fir hire Betrib laangfristeg kënne weider ze féieren an eventuell ze vergréisseren.

- D'Leit kommen zesumme fir d'Ausbildungscoursen, si deelen Material a Produkter ënnert sech; dat schaaft e Klima vun Eenheet a Solidaritéit.
- Persounen, déi net beim Projet matgemaach hunn, inspiréieren sech un den neie Betriber a kréie Courage fir eng eegen Initiativ ze huelen.
- D'Kommunikatioun tëschent der Fondatioun zu Lëtzebuerg a FUNDAMUNI an El Salvador huet gutt geklappt a gouf vun eisen Administrateuren Maureen a Mil Calmes an der Riicht gehal.

De Projet huet ronn 450.000 € kascht; domatt gouf dee virgesinne Budget agehal. De gréissten Deel vun den Ausgabe sinn d'Gehälter vun deene Persounen, déi op der Plaz de Projet geplangt, geleet an ausgeféiert hunn an de Leit déi néideg technesch a finanziell Hëllef zoukomme gelooss hunn. Am Total abegraff ass och d'Kapital vum „Fonds de roulement", 54.000 €, wouvun no an no kann un d'Betriber verléint ginn, wat da spéider nees zréck bezuelt gëtt.

Déi lëtzebuergesch Cooperatioun huet ¾ vun de Käschten iwwerholl, déi aner 112.000 € krut d'Fondatioun duerch Donen eran. Dobäi ass en décke Subsid vun der Stad Lëtzebuerg ze ernimmen.
Produkter vum Konschthandwierk kann een hei zu Lëtzebuerg kafen, an zwar um Stand vun der Fondatioun Lëtzebuerg – El Salvador op eenzelne Fester a Mäert, ënner anerem um Adventsmaart zu Conter den 2. an 3. Dezember, an um Chrëschtmaart zu Mäertert vum 15. bis 17. Dezember 2017.
Villmools Merci fir all klengen a groussen Don fir dëse wichtege Projet!

Guy Scholer 26.06.17

« Momentaufnahmen aus El Salvador »

Ana, die reiche Frau

Sie scheint 72 oder mehr, ist aber nur 56….. Sie ist schwarz wie eine Afrikanerin. Klein, ausgehungert, Haut und Knochen…
Ich begegne ihr oft beim Kinderheim. Da sitzt sie vor dem Haus. In gewissen Stunden gehen hier Kinder ein und aus, die einen fröhlich, andere eilig und tiefbesorgt, einige gezeichnet von einer herz- und körpererbarmenden Traurigkeit. Ich möchte öfters zum Himmel schreien, und sonst wohin.
Gelegentlich sitzt Frau Ana dort auf einigen Ziegeln. Ihre Augen starren ins Leere. Neben ihr ein sehr großer Sack, vollgestopft mit internationalen leeren CocaCola - , Fanta - und Spritedosen, auch einige Andenken an PepsiCola…
Ana, die traurige Frau, schleppt den Sack drei Kilometer weit ins Zentrum der Stadt Santa Ana und verkauft dessen Inhalt zum Recyclage.
" Schwester Ana, wieviel erhalten Sie für Ihre Ware? " Ihre Stimme bleibt stecken: " Einen US Dollar…. " "Wie viele Tage haben Sie zum Sammeln gebraucht? " " Vier Tage. " Tageslohn: 25 Cents US Dollar!. Mir verschlägt es die Sprache… ich kann mal nicht weinen… meine Gedanken fliegen nach Luxemburg und sonstwo hin. Mir ist zum Heulen, zum Verzweifeln… Aber ich muss schweigen, sonst… ich bin kein Romero.
Ich schäme mich. Schämen Sie sich mit mir, zum Herz erweichen…?
Ich lege ihr mehrere Euros, nein, Dollars in ihren großen Sack.
Ich bin Priester. Ich muss als Sprachrohr Gottes zu Ihnen sprechen… Aber ich bin ängstlich, realistisch und feige. Ich kann nicht weiter hierüber schreiben. Verstehen Sie mich, wirklich? Danke, nett. Ich müsste ein vollblutiger Priester, ein brüllender Löwe in El Salvador und in Luxemburg sein. Wie schwer ist dies, in dieser chaotischen Welt!
Ich denke an Doña Ana, Frau Ana, meine Schwester und deine Schwester. Ich fühle mich unwohl…
In Mai/Juni war ich kurz in meiner und deiner Heimat. Sogar ICH konnte von Luxemburg aus nicht mehr verstehen, was der tiefere Sinn einer Situation wie der in El Salvador, im Norddreieck von Zentralamerika in der Tat sein könnte?

Mertert, mein Heimatdorf: als ich es wiedersah, oben von den Eisenbahnbrücken herab, dachte ich spontan an Lancetillo, im Norden vom Quiché. Diese krassen, ja megakrassen Unterschiede in derselben Welt verwirren mich immer wieder, toptop. Und besonders die Gleichgültigkeit vieler Menschen vor den Megadramen, vor den Makrotragödien von Hunderten von Millionen von Menschen.

150 000 abandonados

So viele verlassene, vergessene Menschen gibt es in El Salvador.
Auf luxemburgische Verhältnisse proportionnell umgerechnet:
15 000, ja, genau so viele wären es in meiner und deiner Heimat.
Zerstörte Familien sind die Quellen dieses Großjammers.
Kannst du dir das vorstellen, live?
Großskandal in El Salvador. Mich geht das nichts an, oder doch?
Almosen, ja ja, aber das genügt nicht, bei weitem nicht. Ein Tropfen Wasser in den Sand in der Wüste. Almosen sind Almosen. " No nos hagamos el suizo. " Nicht blind tun. Niemand kommt am Gericht hoch oben über dem Popocatepetl vorbei. Neen, et ass net alles eriwwer nom Doud. Ersparen wir uns eine uns verwirrende Überraschung nach dem Endabschied, nach Hamm oder nach dem Friedhof?

Mordaffairen

In Europa ist mam entsetzt über die Toten in Berlin, in London, in Barcelona, zu recht, ganz zu recht, ja ganz zu recht…
Nach vorsichtigen Hochrechnungen werden 2017 in El Salvador 4000 Salvadorianer, Menschen wie du und ich, ermordet werden. Die meisten von ihnen sind Jugendliche. Die Gesellschaft hat sie auf dem Gewissen. Ich und andere…
Wiederum, ich möchte schreien, a pleno pulmón, darf aber nicht.

Weihbischof zum Kardinal berufen

Gregorio Rosa wurde in Sociedad, einem Kleinstdorf im Departament von Morazán geboren. Er war Priester und Weihbischof de pura cepa, ein treuer Verteidiger des Wort Gottes. Er wurde deshalb hunderte Male in den Medien und sonstwo angegriffen, verpönt. Auch er hatte Todesdrohungen erhalten. Der Wille Gottes und die Verkündigung des Evangeliums waren sein einziges Lebensziel.
Das Wort Gottes inmitten der leidenden Menschen El Salvadors, und anderswo.
Jetzt hat ihn Papst Franziskus zum Kardinal berufen. Wahrlich eine Wahl, die Hoffnung macht…

Totalmente centrado…

Ein junger salvadorianischer Universitätsprofesor schickte mir vor kurzem folgende Kurzmail:
" Totalmente centrado en Dios … "
Er forderte mich auf – und er spornt Sie an – unseren Glauben, unser Vertrauen in unseren unkonventionnellen Gott ernst zu nehmen, durch unsere Ganzhingabe: Leib, Herz und Seele, Linie Endrisiko: ganz auf Gott zentriert inmitten der Wirklichkeit des Lebens.
Ich las vor kurzem in einem guatemaltekischen Buch:
" Die Laienkatecheten aus dem Quiché waren entschlossen, ihre Kirchen wieder zu öffnen, sogar wenn das sie ihr Leben kosten würde. ´Weil wir Gott mehr gehorchen müssen als den Menschen.'"
Hola, diese Nachfolger von Ureinwohnern Zentralamerikas zeigen uns den Weg.

Andere Länder, andere Sitten

Die Garifunas im Norden von Honduras haben ein erstaunliches Ritual: sie weinen, wenn ein Kind geboren wird… Denken sie an das von Leid gespickte Leben, das den neuen Erdenbürger erwartet?
Garifunas sind „Moreños", Nachfolger von Afrikanern, die vor Jahrhunderten von Weißen als Sklaven nach Amerika verschleppt wurden. Einige Hunderttausende leben im Norden von Honduras am Atlantischen Ozean. Wieviele Sklaven gibt es heute auf dieser Welt? Sind wir uns dessen verantwortungsvoll bewusst?
Ich wünsche Ihnen allen einen „bedenklichen" Spätsommer und Herbst. Zu Ihrem Wohle.
Und Dankeschön für Alles.

Ihr henri gloden

Kontakt

In Luxemburg:

Fondation Luxembourg - El Salvador
30, rue J.-P. Beckius, L-6671 Mertert
Tel. 74 80 93
Internet: www.elsalvador.lu
E-Mail: luxelsa@pt.lu
CCPL - LU73 1111 2119 9449 0000
BILL - LU47 0024 1691 8554 5100

Bei der Fondation handelt es sich um eine staatlich anerkannte Stiftung. Spenden sind gemäß den gesetzlichen Bestimmungen steuerlich absetzbar.

In El Salvador:

Padre Enrique Gloden
Hogar Amor y Esperanza - Apartado 48
Santa Ana / El Salvador / Centroamérica
Tel. 00503 79 25 06 18
E-Mail: glodensch@yahoo.com
CCPL LU59 1111 0369 1656 0000
(Postscheckkonto von Henri Gloden, Mertert)

https://www.facebook.com/hellefelsalvador

Impressum

El Salvador - Luxembourg

Bulletin de la Fondation Luxembourg - El Salvador; paraît au moins quatre fois par an.

La Fondation a pour objet de promouvoir et de soutenir, par des aides matérielles ou autres, toute activité sociale et éducative dans l'intérêt de la population en détresse dans le pays d'El Salvador (Amérique Centrale) et plus particulièrement dans l'intérêt des enfants et adolescents dans le Foyer d'enfants «Amor y Esperanza» initié par lAbbé Henri Gloden à Santa Ana (El Salvador).